# Annexen zur Method

PERSÉINLECHE FORTSCHRËTT
& VERSPRIECHEN A WANDROUS

CaraPio

Editioun vum 13. Oktober 2025

**CaraPio: Annexen zur Method**
Ee Begleeder fir CaraPio Chef

Editioun vum 13. Oktober 2025

**Zur éischter Editioun:**

Baséierend op der neier CaraPio Method, déi een als Konzeptdokument respektiv als Leetfuedem fir de Programm ka gesinn dee mir bei de CaraPio maachen, soll dëst Dokument beschreiwe wéi een déi méi theoretesch Usätz aus dëser Method an der Praxis uwende kann. Et soll ee Begleeder si fir d'Chef a soll se an hirer Roll ënnerstëtzen. Et ass keen zesummenhänkenden Text, ma eng Sammlung u Kapitel an deenen ee bei Bedarf eppes nosiche kann. Sou soll et ëmmer rëm mat neien Inhalter a Beispiller ergänzt ginn. Mir géingen eis iwwert all Ënnerstëtzung an iwwert all Feedback freeën.

*CaraPio Ekipp, Januar 2023 - Laurent Pott, Pol Weydert, Jean-Joël Weiler, Julie Van Mulders, Sophie Weber, Aurélie Dell, Robi Bourscheid.*

carapio@lgs.lu

# INHALT


**P Perséinleche Fortschrëtt** **5**

P1 Caravell . . . . . 7

P2 Seegelen . . . . . 9

P3 Beräicher . . . . . 11

P4 Froen an Äntwerten . . . . . 13

P5 Iddien . . . . . 15

P6 Projetsblat fir e Seegel . . . . . 17

**V Verspriechen a Wandrous** **19**

V1 Verspriechenstext . . . . . 21

V2 Virbereedung . . . . . 23

V3 Froen an Äntwerten . . . . . 25

V4 Iddien . . . . . 27

# PERSÉINLECHE FORTSCHRËTT P

**De perséinleche Fortschrëtt bei de CaraPio ass den ugeleete Wee, wou de Jonke selwer Ziler setzt, eppes Neies ausprobéiert an aus sengen Erfarunge léiert. Hien ass u konkrete Projeten (Seegelen) geknäppt a gëtt iwwer d'Caravell sichtbar gemaach. Verspriechen a Wandrous sinn eegen Etappen an der Annex V beschriwwen.**

## Ziler

- Selwer Verantwortung iwwerhuelen an eegen Decisiounen treffen.
- Realistesch Ziler formuléieren an drun dréibleiwen.
- Neies léieren, Erfahrunge sammelen an dës reflektéieren.
- Fortschrëtt fir sech a fir d'Trupp sichtbar maachen.

## Caravell

Perséinlecht Ofzeechen op der Rietser Uniformstäsch; mécht d'Rees a Fortschrëtt sichtbar (vgl. P1).

## Seegelen

No all ofgeschlossene Projet gëtt e Seegel op d'Caravell agebrannt (vgl. P2) — am feierleche Kader; organisatoresch kann dat och am Rumm vun enger Verspriechensfeier geschéien, inhaltlech bleift d'Seegel onofhängeg vum Verspriechen.

## Prozess

- Reflexioun: Sujet wielen, Zil ofgrenzen, Etappen definéieren.
- Aktioun: De Projet plangen a maachen.
- Mat-deelen: D'Erfarung an d'Trupp bréngen (Aktivitéit, Presentatioun, Material).
- Bilan: Zesummefaassen, wat gelongen ass, wat schwéier war a wat ee geléiert huet.
- Ofschloss: Seegel ofschléissen an am passende Kader abrennen.

## Grondprinzipien a Qualitéitskritären

- E Projet pro Seegel; ee kloert, perséinlecht Zil.
- Schwéierpunkt an engem vun de fënnef Beräicher (Kierper, Geescht, Gefiller, Sozialt, Spirituellt; vgl. P3).
- Individuell Leeschtung; kee Gruppen- oder Entreprise-Projet fir e Seegel.
- Begleedung am Binom: Austausch, Hëllef a Feedback, ouni d'Aarbecht ofzehuelen.
- Zäitkader: normalerweis 1–3 Méint, mat zäitnoer Evaluatioun.
- Nei Erfahrung oder Erausfuerderung fir de CaraPio (net „business as usual").
- Konkreten Output oder Erfarung, déi an d'Trupp zeréckbruecht gëtt.
- Reelle Prozess: Reflexioun – Aktioun – Mat-deelen – Bilan – Ofschloss.

## Checklëscht fir CaraPio

- Ech hunn e klort Zil a kann et an engem Saz soen.
- Ech weess, firwat dat Zil mir eppes bedeit (perséinlechen Sënn).
- Ech hunn Etappen an e kuerzen Zäitplang opgeschriwwen.
- Ech hunn eng Iddi, wéi ech meng Erfarung mat der Trupp deelen.
- Ech froen mäi Binom/eng Chefpersoun no Feedback, wann ech stoe bleiwen.
- Ech maachen um Schluss e Bilan a späicheren 2–3 Beweiser (Foto, Notiz, Resultat).

## Checklëscht fir Chef

- Zil ass *kloer* an engem Beräich, realistesch a genuch erausfuerdernd.
- Etappenzäiten a Kader sinn kloer; mir froen zäitno no (net just um Schluss).
- Binom funktionéiert (Austausch, awer net d'Aarbëscht ofhuelen).
- „Ze einfach"-Gefor ass adresséiert (Projet $\neq$ Mini-Aktivitéit).
- Bilan gëtt gefouert (wat geléiert? wat géif den CaraPio anescht maachen?).
- Seegel-Iwwerreechung: feierleche Kader, kuerz verbalen „Takeaway" vum CaraPio.
- Begleeder, net Riichter.

## Do's & Don'ts

- Do: kleng Iddi an e Projet transforméieren (Zil, Etappen, Bilan).
- Do: fréi Feedback froen, kleng Schrëtt definéieren, Feeler als Léiermoment notzen.
- Do: d'Erfarung deelen (Aktivitéit oder kuerz Presentatioun).
- Don't: „e klenge Quiz fir d'nächst Versammlung" oder eng eenzel Mini-Aufgab als Projet huelen.
- Don't: d'Aarbecht vum CaraPio ofhuelen (Chef/ Binom si Support, net Ersatz).
- Don't: d'Zäit einfach kommentarlos verlängeren (kuck P4).

## Zil-Formuléierung (Beispiller)

- Kierper: „En 10 km-Laf bis Mëtt Juli packen; 3x/Woch trainéieren; Puls a Streck notéieren."
- Geescht: „E 5-Minute-Video schneide léieren; Tutorial + 2 Testversiounen; am Grupp weisen."
- Gefiller: „Eng Veillée iwwer Courage plangen; 3 Bäiträg sammelen; Feedbackkrees moderéieren."
- Sozialt: „Benefiz-Mini-Atelier mat Jugendhaus organiséieren; 2 Reuniounen; 1 Event; kuerz Doku."
- Spirituellt: „Morgenrunde-Serie (5x) mat eegene Texter; Notitzen huelen ; Reflectioun um Schluss."

## Ofgrenzung

Verspriechen (Engagement) a Wandrous (Bilan/Erneierung) gi separat an der Annex V traitéiert. Se strukturéieren d'Bezéiung zum Engagement, net de Seegel-Prozess. Vgl. V1–V2.

# CARAVELL



**D'Caravell steet fir d'Rees vum CaraPio a senger Entwécklung an symboliséiert säi perséinleche Fortschrëtt. Mat all neiem Seegel gëtt dës Entwécklung sichtbar – d'Seegelen erënneren un déi Etappen, déi de CaraPio duerch seng eege Projeten an Erausfuerderunge meeschtert.**

## Intro

D'CaraPio befannen sech an enger dynamescher Phase, an där si sech zum jonken Erwuessene entwéckelen. De perséinleche Fortschrëtt spillt dobäi eng wichteg Roll a gëtt mat Hëllef vun der Caravell an de Seegelen geférdert a sichtbar gemaach.

Eng zentral Roll huele perséinlech Projeten an, déi d'CaraPio am Laf vun dräi Joer duerchzéien. D'Themen an d'Ziler definéiere si selwer.

Dobäi sammelen si wäertvoll Erfarungen, entwéckele nei Kompetenzen a wuessen un den Erausfuerderungen, déi hinnen um Wee begéinen. Fir dës Entwécklung bewosst ze maachen, kritt de CaraPio nom Ofschloss vun engem Projet e weidert Seegel fir seng Caravell.

## Caravell a Seegelen

D'Caravell ass en Ofzeechen aus Lieder, dat um Knapp vun der rietser Uniformstäsch gedroe gëtt an eng stiliséiert Caravell weist.

D'Ofzeeche gëtt op der Montée iwwerreecht. Mat all ofgeschlosse Projet kritt de CaraPio e weidert Seegel op seng Caravell agebrannt — symbolesch mécht dat säi Wuesstum sichtbar.

Wärend senger Zäit bei de CaraPio kann hien all Joer *ee* Seegel maachen. Insgesamt sinn *dräi* Seegelen méiglech, jeeweils eent pro Joer.

D'Abrenne vun de Seegelen op d'Caravell fënnt an engem feierleche Kader statt.

## Perséinleche Projet

Ee Projet gëtt vum CaraPio eegestänneg duerchgefouert a gëtt vum Binom an de Chef ënnerstëtzt.

All Joer kritt de CaraPio d'Méiglechkeet, ee perséinleche Projet ze realiséieren. Den Optakt kann eng Versammlung sinn, an där d'CaraPio Projeten eraussichen (Reflexioun) an sech a Binomen opdielen.

De Schwéierpunkt läit an *engem* vun de fënnef Beräicher **[P3]**:

- de Kierper
- de Geescht
- d'Gefiller
- dat Sozialt
- dat Spirituellt

E Projet kann ausserhalb vu Versammlunge gemaach ginn an um Enn der Trupp presentéiert ginn (z. B. Diashow oder kuerz Aktivitéit). Et kann awer och eng Aktioun sinn, déi de CaraPio eleng plangt an *mat* der Trupp duerchféiert.

Ee Projet huet fënnef Phasen:

Reflexioun ⇒ Aktioun ⇒ Mat-deelen ⇒ Bilan ⇒ Ofschloss

Reflexioun a Mat-deelen solle *an der Trupp* stattfannen; d'Duerchféierung läit beim CaraPio. Als Richtwert gëllt: *1 bis maximal 3 Méint*, fir Dynamik a Visibilitéit

ze halen.

## De Binom

D’Setze vu Seegelen op enger grousser Caravell erfuerdert Teamaarbecht — dee Prinzip huele mir op.

D’Eraussichen an d’Plangen vum Projet geschitt zesumme mat engem zweeten CaraPio am Binom. De Partner hëlleft, d’Zil ze schäerfen, Etappen ze klären a déi richteg Froen ze stellen.

D’Seegel bleift en *individuelle* Projet; all Jonke geet säin eegene Projet un. *Roll vum Binom:*

- beim Eraussichen hëllefen,
- motivéieren,
- bei der Organisatioun vun enger Aktivitéit hëllefen (ouni d’Aarbecht ofzehuelen),
- beim Bilan ënnerstëtzen.

## Roll vum Chef

D’Roll vum Chef besteet dodran, Initiativ ze ergräifen an de CaraPio de Prinzip vun der Caravell an de Seegelen méi no ze bréngen.

Hien encouragéiert si, e Projet erauszesichen an ënnerstëtzt si kloer a realistesch Ziler festzeleeën.

Wärend der Duerchféierung behält hien den Iwwerbléck, freet zäitno no a bleift *Begleeder*, net *Riichter*. No der Duerchféierung féiert hien de Bilan zesumme mam CaraPio a schaaft de passende feierleche Kader, fir d’Seegel op d’Caravell ze *abrennen*.

# SEEGELEN P2

**D'Seegelen si konkret Etappen um perséinleche Wee vum CaraPio: All Seegel steet fir ee Projet, deen hien initiéiert, duerchféiert a reflektéiert. Sou gesäit hien, wou e Fortschrëtter gemaach huet an a wéi enge Beräicher e sech nach weiderentwéckle kann.**

## Reflexioun

Mam Support vun de Chef sicht de CaraPio *een* vun de fënnef Beräicher eraus (Kierper, Geescht, Gefiller, Sozialt, Spirituellt; **[P3]**) fir säi Seegel. Hien denkt driwwer no, wat hien nach léiere wëllt a wéi en sech erausfuerdere kann. De Binom hëlleft dobäi mat Froen a Feedback; am Gespréich zu zwee entstinn dacks déi bescht Iddien.

Nodeems de Beräich feststeet, setzt de CaraPio e konkret Zil *an engem realistesche Zäitraum*. Dat Zil soll *eppes Neies* sinn (net „business as usual"; **[P5]**). Kleng *Tëschenetappen* hëllefen, um Wee ze bleiwen.

De Zäitraum variéiert jee no Projet; als Richtwert gëllt: *tëscht 1 a maximal 3 Méint*. Ze kuerz (eng Woch) ass ze flach; ze laang verleeft a verléiert un Dynamik.

Zum Ofschloss vun der Reflexioun schreift de CaraPio säin Zil an d'Etappen op **[P6]** — idealerweis sichtbar am Home ophänken, fir drun erënnert ze ginn.

## Aktioun

An de kommende Wochen schafft de CaraPio säi Projet aus, sicht d'Informatiounen a Kontakter a setzt d'Etappen ëm — nom eegene klenge Plang.

De Binom bleift dobäi *drun*: si setzen *fix Rendezvouse* fir den Austausch („Wou stinn ech? Wat klappt/net? Wat ass de nächste Schrëtt?"). Wann néideg, gëtt mat engem Chef *zäitno* nogekuckt.

## Mat-deelen

D'Erfarung gëtt an d'Trupp zeréckbruecht — passend zum Projet, z. B. als kuerz Aktivitéit, Presentatioun, Video, Spill, Mini-Workshop oder Material (Rezept, Plang, Guide). De Fokus: *Wat hunn ech gemaach a wat kënne mir dovunner profitéieren?*

## Bilan

Zum Ofschloss mécht de CaraPio *zesumme mat engem Chef* (an eventuell dem Binom) e Bilan:

- Huet ech mäi Zil erreecht? Wat ass gelongen, wat war schwéier?
- Wat hunn ech *geléiert* (fachlech/mënschlech)? Wat géif ech anescht maachen?
- Ass d'Seegel *verdéngt* — oder feelt nach e klengen Ergänzungsschrëtt?

D'Decisioun soll *zäitno a fair* sinn (kuckt och P4 fir Handhabung).

## Ofschloss

D'Iwwerreechung — hei d'Abrenne vum Seegel op d'Caravell — geschitt an engem *feierleche Kader* (z. B. Owesveillée). Organisatoresch ka se am Rumm vun enger Verspriechensfeier stattfannen; *inhaltlech* bleift d'Seegel onofhängeg vum Verspriechen.

# BERÄICHER

**Déi fënnef Beräicher sinn e wichtege Bestanddeel an der Method vun den LGS. Fir sech e Seegel ze erschaffe soll de CaraPio sech ee vun de fënnef Beräicher eraussichen an dem hien sech wëll weider entwéckelen. D'Wiel vum konkrete Projet soll sech un dësem Choix ausriichte, esou dass de gewieltene Beräich kloer ze erkennen ass.**

## De Kierper

*“E responsabelen Ëmgang mat sengem eegene Kierper a senger Gesondheet léieren.”*

De CaraPio mécht vill kierperlech Verännerunge mat a versicht sech och iwwer säi Kierper ze definéieren. A sengem Alter ass hien domadder besonnesch ufälleg fir Risikoverhalen (Alkohol, Drogen, Sexualitéit, Iessstéierungen, Muttprouwen, asw.). Wat zu engem gesonde Liewensstil gehéiert, gëtt iwwer eis Aktivitéiten net nëmmen thematiséiert, mee dëst gëtt och aktiv gelieft.

De Chef huet hei eng wichteg Virbildfunktioun. An der CaraPio-Zäit kann de Jonken, an engem sëchere Kader, seng kierperlech Fäegkeeten a Grenze kenneléieren an ausbauen (am Spill, beim Kachen, um Hike, beim Schaffen, asw.). Hien entwéckelt gläichzäiteg e Gefill fir Geforen an definéiert seng kierperlech Limitten ëmmer erëm nei.

**Stëchwieder:**
**eegene Kierper, Grenze kenne léieren, motoresch Fähegkeeten, Gesondheet, Ernährung, Drogen, Geschlechteridentitéit.**

## De Geescht

*“D'Fäegkeet entwéckelen Informatiounen opzehuelen, se ze hannerfroen a Schwieregkeeten ze erkennen. Argumentéieren a kreativ ob nei Situatioune reagéiere kënnen.”*

De Jonke sicht permanent no neien Erausfuerderungen – bei de CaraPio kann hien eegen Iddien ëmsetzen an aus dësen Erfarunge räifen. Hie kann eegestänneg Schwieregkeeten erkennen, Situatiounen aschätzen a raisonnabel Entscheedungen huelen. An der Ekipp kritt hie Raum gebuede fir seng eege Meenung auszedrécken. De CaraPio kritt e Gefill Fakten an Informatioune kritesch ze hannerfroen, fir sech esou e Gesamtbild vun enger Situatioun ze maachen. Hie begrënnt Entscheedungen a steet spéider och fir dës an.

Eis Aktivitéite bidden dem CaraPio reegelméisseg d‘Méiglechkeet, sech ze informéieren, sech matanzebréngen a bei wichtegen Themen seng Positioun ze fannen. Beim Bilan, deen no all Aktivitéit gezu gëtt, léiert de CaraPio ze analyséieren, selwer oppen a konstruktiv Feedback ze formuléieren a mat Kritik ëmzegoen. Gläichzäiteg bitt de Bilan awer och Raum fir Luef a weist dem CaraPio, wat hien duerch déi gemeinsam Aktivitéite bäigeléiert huet.

**Stëchwieder:**
**Intellektuell, Wëssen, Aktualitéit/Noriichten, eppes erschafen, Kreativitéit, Matschwätzen.**

## D'Gefiller

*"Seng eege Gefiller wouer huelen, a léieren se ugepasst auszedrécke fir den ënnerlechen Ausgläich ze fannen."*

De CaraPio léiert op déi eegen an dem géigeniwwer seng Gefiller Récksiicht ze huelen. Hien ass sech bewosst, datt Gefiller sech am CaraPio-Alter ënnerschiddlech entwéckelen a vu Persoun zu Persoun verschidde sinn. Esou passt hien och op seng mental Gesondheet op a weess, wéini een eng Grenz zéie soll.

Bei de CaraPio soll jiddweree matschwätze kënnen. D'Decisioune ginn zesumme geholl. Op den Austausch vu verschidde Meenungen, Opfaassungen an Erfarunge gëtt grousse Wäert geluecht an et gëtt zesummen no Léisunge gesicht. Iwwer d'Gefiller, déi bei esou Entscheedungsprozesser entstinn, gëtt sech oppen ausgetosch. Dobäi léiert de CaraPio den demokratesche Prozess ze acceptéieren.

**Stëchwieder:**
**Tëschemënschleches, eege Gefiller, Sexualitéit, Interessi fir anerer, Afillsamkeet, Léift.**

## Dat Solzialt

*"Verstoen, dass een zesumme méi kann erreechen ewéi eleng, an dobäi déi néideg sozial Fäegkeeten entwéckelen fir besser zesummen ze liewen."*

D'Responsabilitéitsgefill vum CaraPio gëtt duerch d'Entreprise gefuerdert an de Gruppegeescht gëtt an der Trupp gestäerkt. De CaraPio befënnt sech altersbedéngt - an onofhängeg vum Geschlecht - an engem Individualisatiounsprozess. Dat ënnerschiddlecht Verhale vun all eenzel CaraPio ass ze respektéieren, soulaang et konstruktiv ass. De CaraPio léiert sech aktiv an der Gesellschaft ze engagéieren a sech fir säin Ëmfeld anzesetzen. Dobäi ginn d'Wäerter aus dem Guiden- a Scoutsgesetz a besonnesch d'Toleranz an d'Hëllefsbereetschaft aktiv gelieft.

**Stëchwieder:**
**Liewen am Grupp, B.A. , Ekippesystem, Gesellschaftsformen, Ëmgang mateneen, sozial Milieuen, Frëndschaft**

## Dat Spirituellt

*"Sech mam Glawen oder de Positiounen vun anere Mënschen auserneesëtzen an seng perséinlech philosophesch, respektiv reliéis Richtung fannen a liewen. Aner Richtungen respektéieren."*

De Jugendlechen am CaraPio-Alter setzt sech bewosst mat senger Perséinlechkeet a senger Liewensastellung auserneen. Dofir soll de CaraPio d'Méiglechkeet kréien, sech mat sech selwer a mat sengem Ëmfeld oppen auserneenzesetzen. De Glawen an d'Spiritualitéit sollen dem CaraPio hëllefen, en Zil an eng ënnerlech Stäip a sengem Liewen ze fannen. Wärend dëser Entwécklung kann de Chef dem CaraPio eng Ënnerstëtzung bidden.

**Stëchwieder:**
**eege Wäerter, eegene Glawen, aner Reliounen, eege Moral, Achtsamkeet, Wien sinn ech?, Meditatioun, Dankbarkeet.**

# FROEN AN ÄNTWERTEN P4

**De perséinleche Fortschrëtt ass eng individuell Rees, déi vum Chef ënnerstëtzt a gefërdert gëtt. Fir de Chef ass et net ëmmer einfach, d'CaraPio dobäi ze motivéieren, ze orientéieren an ze begleeden.**

**Hei fannt dir heefeg gestallte Froen a praktesch Äntwerten, déi hëllefen, d'Caravelle mat de Carapio ëmzesetzen.**

## Wéi ass dat gemengt dass de perséinleche Projet just an engem Beräich soll sinn?

De perséinleche Projet soll e kloert Zil hunn, dat schwéierpunktméisseg an engem vun de fënnef Beräicher läit (Kierper, Geescht, Gefiller, Sozialt oder Spirituellt). Dëst hëlleft dem CaraPio, sech op ee bestëmmte Punkt vu senger Entwécklung ze konzentréieren a säi Fortschrëtt bewosst ze erliewen.

Natierlech kënnen aner Beräicher mat ugeschwat ginn, mee d'Haaptzil soll kloer bleiwen. Et geet net drëm all Beräich op eemol ofzedecken, mee gezielt un engem Aspekt ze schaffen, fir d'Entwécklung sichtbar a bewäertbar ze maachen.

## Binom? Mir hunn awer eng ongerued Unzuel u CaraPio!

Wann d'Zuel net opgeet, ass dat kee Problem. Et geet net drëm, datt jidderee strikt zu zwee schaffe muss, mee datt keen eleng bleift. Bei enger ongerueder Zuel kann ee Trinom (dräi Persounen) bilden oder eng Persoun provisoresch bei engem anere Binom matschaffen loossen.

Wichteg ass, datt all CaraPio e festen Austauschpartner huet, mat deem e säi Projet reflektéiere kann. De Binom ass dofir geduecht, sech géigesäiteg ze ënnerstëtzen, net fir e formellen Duo opzebauen.

## Wéi funktionéiert d'Zesummenaarbecht am Binom?

m Binom ënnerstëtzen d'CaraPio sech géigesäiteg bei hire perséinleche Projeten. Jidderee schafft awer un sengem eegene Seegel mat engem eegene Thema a klore perséinleche Ziler.

Si kënnen zesumme plangen, sech austauschen oder sech hëllefen, mee si däerfen kee gemeinsame Projet oder eng Entreprise maachen. D'Roll vum Binom ass virun allem Feedback, Motivatioun a Reflexioun.

## Ee CaraPio wëll säin Zil am Laaf vum Projet änneren.

Dat ass absolut erlaabt – an heiansdo och e wichtege Léierschritt. Entscheedend ass, datt d'Ännerung net aus Manktem u Motivatioun kënnt, mee well de CaraPio nei Erfarunge gemaach huet an erkannt huet, datt en e säi Projet anescht oder méi realistesch ugoe muss.

De Chef soll d'Ännerung mat him kuerz duerchschwätzen: Firwat? Wat huet hie bäigeléiert? Wéi gesäit dat neit Zil aus? Esou bleift de Prozess kohärent, an de CaraPio léiert, Verantwortung fir seng Decisiounen ze iwwerhuelen.

## Ee CaraPio huet säin Zil net an der geplangtener Zäit erreecht.

Dat ka virkommen, an et ass kee Feeler. De wichtegste Punkt ass, datt de CaraPio iwwer säi Prozess reflektéiert: Wat huet funktionéiert? Wou goung et net weider? Wat kéint hien anescht maachen?

De Chef hëlleft him dobäi, ze kucken, ob d'Zil nach realistesch ass oder ob et soll ugepasst ginn. Heiansdo geet et drëms, d'Zäit ze verlängeren, heiansdo d'Zil ze vereinfachen.

D'Zäit soll awer net einfach kommentarlos verlängert ginn. De Chef soll d'Situatioun mat dem CaraPio zesumme kucken a him hëllefen, selwer ze erkennen, firwat säi Projet net opgegangen ass a wéi hien et beim nächste Kéier anescht maache kann. Sou gëtt d'Erfahrung zu engem Léiermoment an net zu engem Echec.

## Ech als Chef sinn der Meenung dass de CaraPio säi Seegel net verdingt huet.

D'Decisioun iwwer e Seegel soll zäitno, fair a begéigend getraff ginn. Wann de Chef de Gefill huet, datt d'Zil net erreecht gouf, soll en dat am Gespréich mam CaraPio uschwätzen. Dobäi geet et net drëm, en ofzeleenen, mee zesumme festzestellen, wat schonn erreecht ass a wat nach feelt, fir de Projet ofzeschléissen.

D'Bewäertung ass net „bestanen oder duerchgefall“, mee eng Geleeënheet fir Feedback a Wuesstem. De Chef hëlleft dem CaraPio, ze erkennen, wéi en säi Projet nach ofronne kann – duerch eng kleng Ergänzung, eng Reflexioun oder eng konkret Nofro. Sou bleift de Prozess positiv, respektvoll a motivéierend.

## Wéini maachen ech de CaraPio drop opmierksam dass dat wat e grat mecht net duer geet?

Am beschten fréi a konstruktiv. Wann de Chef mierkt, dass e Projet an d'falsch Richtung leeft oder d'Zil net kloer ass, soll hien dat direkt a roueg uschwätzen. Esou kann de CaraPio nach nogoen, ouni demotivéiert ze ginn oder Zäit ze verléieren.

D'Kritik soll konkret an hëllefräich sinn: amplaz just ze soen, wat net passt, kann de Chef Froen stellen wéi „Wéi geet et dir mat dengem Projet?“ oder „Gëtt et eppes, wou s du nach Hëllef brauchs?“ Sou bleift de CaraPio motivéiert a fillt sech ënnerstëtzt amplaz kritiséiert.

Et geet net drëm, de Projet ze bewäerten, mee dem CaraPio ze hëllefen, selwer ze gesinn, ob säin Engagement duer geet. Doduerch bleift d'Verantwortung bei him, an de Fortschrëtt gëtt sichtbar.

**Sos nach Froen?**
**Schreif eis a mir probéieren dëst Dokument ze ergänzen!**

# IDDIEN

Dës Iddien déngen als Inspiratioun, fir e richtege perséinleche Projet ze starten. Eng Aktivitéit gëtt eréischt zu engem Projet, wann de CaraPio selwer Verantwortung iwwerhëlt, eppes Neies léiert oder ausprobéiert an dono driwwer reflektéiert. Et geet net drëm, eng kleng Aufgab ze maachen, mee e Prozess unzefänken, bei deem de CaraPio sech erausfuerdert a wuesse kann.

D'Chef kënnen dës Beispiller notzen, fir de Jonken ze hëllefen, aus enger einfacher Iddi e richtegen Projet ze maachen.

## De Kierper

- Eng Formatioun als Rettungsschwëmmer maachen.
- Eng nei Sportaart ausprobéieren an se der Trupp virstellen.
- Een ausgeglachene Menu fir de Camp ausschaffen a testen.
- Eng Olympiade oder Sportchallenge fir de Grupp organiséieren.
- Eng Wanderung oder Vëlosrees iwwer méi Deeg plangen (Route, Material, Etappen, Sécherheet).
- En Ernärungsmount ausprobéieren (z. B. vegetaresch oder ouni Zocker) a reflektéieren.

## De Geescht

- Eng Diskussiounsronn oder Debatt zu engem selwer gewielten Thema organiséieren a leeden.
- Een Artikel oder Blogbeitrag fir d'Lokalzeitung oder de Gruppsschäin schreiwen.
- Sech mat enger neier Konscht, Musek, Technik oder Fäegkeet auserneesetzen an se der Trupp méi no bréngen.
- Eng Geschicht oder e Comic entwéckelen, deen en Scoutswäert illustréiert.
- Eng Ausstellung oder Infotafel am Home zu engem Thema gestalten an ophänken.
- Eng kreativ Aarbecht realiséieren (z. B. e Stop-Motion-Film oder eng Mini-Dokumentatioun iwwer de Grupp).

## D'Gefiller

- En Interview mat engem Strummert oder enger inspiréierender Persoun féieren.
- Eng Diskussiounsronn iwwert Sexismus, Respekt oder Reklammen organiséieren.
- Eng Veillée oder Aktivitéit iwwer Mut, Selbstbild oder Fréndschaft gestalten (Texter, Sketcher, Musek).
- En Tagebuch oder Reflexiounsblat féieren an iwwerleeën, wat een dobäi geléiert huet.

## Dat Solzialt

- Eng Spendenaktioun oder Benefizprojet fir e gudden Zweck organiséieren.

- Eng Aktioun mat engem soziale Partner plangen (z. B. Altersheem, Déiereasyl, Flüchtlingsinitiativ) an d'Koordinatioun iwwerhuelen.
- Eng Éischt-Hëllef-Formatioun oder de Rettungsschwëmmer maachen.
- Eng Baken- oder Kachenaktioun fir eng aner Organisatioun oder Grupp organiséieren.
- En Hochbeet oder klengt Gaartprojet zesumme mat eelere Leit aus der Noperschaft uleeën.
- Eng Aktivitéit mat enger anerer Branche oder Grupp entwéckelen, fir Zesummenhalt am Grupp ze stäerken.
- Eppes fir d'Trupp oder de Grupp laangfristeg verbesseren (z. B. nei Materialstruktur, Homegestaltung, Grupptraditioun).

### Dat Spirituellt

- Um Camp all Dag d'Morgenrunde leeden a seng Texter opschreiwen.
- Eng Renconter mat engem Vertrieder vun enger anerer Relioun oder Weltuschauung organiséieren.
- Eng Diskussiounsronn iwwert Grondrechter, Philosophie oder Ethik virbereeden a leeden (evtl. mat Invité).
- Eng Reflexioun oder Symbolaktioun op engem Camp oder Week-End plangen a féieren.
- Eng Foto- oder Musekrei inspiréiert vum Scoutsgesetz oder engem Wäert maachen.

**All dës Iddien solle just Startpunkten sinn. E richtege Seegel-Projet entsteet eréischt, wann de CaraPio eppes selwer plangt, Verantwortung iwwerhëlt, driwwer nodenkt an et mat aneren deelt.**

# PROJETSBLAT FIR E SEEGEL

P6

CaraPio: ____________________ Beräich: ____________

Binom: ____________________ Seegel # (1/2/3): ________

Zäitkader: Start ____________ – Enn ____________

**Zil (1 Saz)**

______________________________

______________________________

**Meng 3 Etappen / Schrëtt**

1) ______________________________

2) ______________________________

3) ______________________________

**Ressourcen & Ënnerstëtzung (Chef/Binom)**

______________________________

______________________________

**Mat-deelen an der Trupp (Form & Datum)**

______________________________

______________________________

**Ergänzungsschrëtt / Adaptatioun (falls néideg)**

______________________________

______________________________

**Bilan**

*Wat ass gelongen?*

*Wat war schwéier?*

*Wat hunn ech geléiert / géif ech anescht maachen?*

**Feedback vum Chef oder Binom**

*Wat soen deng Begleeder oder däi Binom iwwert däi Projet?*

**Ofschloss**

Datum vum Ofschloss: ____________________

Seegel op d'Caravell gebrannt: ☐ Jo *Datum:* ______________


☐ Nee *Firwat?*

# VERSPRIECHEN A WANDROUS 

**D'Verspriechen, d'Engagement an d'Wandrous si bei de CaraPio bedeitend Etappe vum perséinleche Fortschrëtt. D'CaraPio sinn an engem Alter wou se aktiv hiert Versprieche selwer gestalten, liewen a reflektéiere kënnen. Dobäi sollen se vum Chef a vun der Trupp ënnerstëtzt ginn.**

### Ziler

D'Verspriechen ass ee pädagogescht Mëttel fir dem Jugendlechen ze hëllefen, autonom ze ginn, sech bewosst fir Anerer anzesetzen a Responsabilitéit ze iwwerhuelen.




Anescht wéi bei de méi jonke Branche soll de CaraPio säi Verspriechenstext selwer ausschaffen. Domatter geet hie säin Engagement an.

**Dëst Kapitel behandelt d'Verspriechen an d'Wandrous als eegen Etappen (Engagement a Bilan). De perséinleche Fortschrëtt iwwert Caravell/Seegelen gëtt an der Annex P beschriwwen (vgl. P1–P2).**

### Verspriechen, Engagement a Wandrous

D'Verspriechen ass de feierleche Moment bei dem de Jonke säi Verspriechen ofleet a sech bewosst entscheet no de d'Wäerter vum Scoutismus ze liewen.

Bei de CaraPio kënnt de Jonken an en Alter an dem hien d'Bedeitung vum Versprieche besser versteet an hannerfroe kann. Hie setzt sech ganz konkret Ziler wéi hien dëst a sengem Liewe kann abréngen. Dës Ziler formuléiert hien a sengem perséinleche Verspriechenstext.

Mat sengem Versprieche geet hien säin Engagement an. Dëst Engagement besteet aus all de Beméiungen déi de CaraPio ënnerhëlt fir säi Verspriechen ëmzesetzen.

No enger gewëssener Zäit soll de CaraPio dëst Engagement evaluéieren. Eng Geleeënheet dofir bitt d'Wandrous. Hei bléckt de CaraPio op d'Zäit zeréck déi säit sengem Versprieche vergaangen ass. Hien soll sech mat der Fro beschäftege wéi gutt hien d'Ziler déi hien sech gesat huet erreecht huet. Am Uschloss un dës Reflexioun kann hie säi Verspriechen erneieren.



Mir schwätze meeschtens vum Verspriechen. Déi selwecht Prinzippie gëllen an der Regel awer och fir d'Wandrous.

### Zäitpunkt

Säi perséinlecht Verspriechen leet de CaraPio wärend sengem éischte Joer an

der Branche of. Domatter geet hien säin Engagement an.

D'Wandrous mëscht de CaraPio nom Engagement. Dëst fréistens nom zweete Joer an der Branche, respektiv ee Joer nom Verspriechen. D'Entscheedung fir d'Wandrous ze maache läit beim CaraPio selwer.

## Kader

D'Verspriechensfeier fënnt an engem Kader statt, deen dësem Akt gerecht gëtt. Et soll een einfachen awer prägnante Moment sinn. Wärend dëser Feier kënnen d'CaraPio souwuel hiert Verspriechen ofleeën ewéi och hier Wandrous maachen. Gläichzäiteg bitt dës Feier alle CaraPio eng Geleeënheet hiert Verspriechen, fir sech selwer, ze erneieren.

Wichteg ass, dass d'Verspriechensfeier zesummen an der Trupp ofgehale gëtt. Well et ee ganz perséinleche Moment ass soll de Kader sech op d'Trupp, respektiv fir méi kleng Truppen och eventuell op de Grupp begrenzen.

Eng gutt Geleeënheet fir d'Verspriechensfeier ass ëmmer de Summercamp. Awer och een eegene Week-End oder ee längeren Owend kann ee flotte Kader bidden.

Fir dëse Moment sou memorabel wei méiglech ze gestalte soll d'Veillée gutt am Programm placéiert ginn an am beschte soll de ganzen Dag als Opbau fir d'Veillée genotzt ginn.

## Virbereedung

Et brauch eng seriéis Virbereedungsphas, wärend där de CaraPio mat der Ënnerstëtzung vun de Chef iwwert säin Verspriechen nodenkt. Sief et well e sech op säin Engagement preparéiert oder well en et evaluéiert. [V2]

Beim Versprieche soll de CaraPio sech bewosst si wat déi dräi Beräicher, déi dräi Duties [V1], bedeiten:

- Duty to god
- Duty to others
- Duty to self

De CaraPio reflektéiert iwwert d'Verspriechen a setzt sech konkret Ziler, wéi hien dëst a sengem Alldag kann ëmsetzen. Dës Ëmmsetzung bezeechne mir als Engagement.

D'Wandrous kann een als Bilan gesinn, wou de CaraPio selwer evaluéiert ob hien säi Verspriechen a séngem Engagement ëmgesat huet. Hie mécht sech Gedanken drëm, ob oder wéi hien säin Engagement upassen oder erweidere wëll. Zur Wandrous gehéiert och ee perséinlecht Gespréich.

## Akt

Wärend dem Verspriechen hieft de CaraPio seng riets Hand mat den dräi mëttelste Fanger ausgestreckt an dem Domm iwwert dem klenge Fanger. (*engl. half salute*)



Hien dréit säi Verspriechenstext vir. D'Trupp ass Zeien an hëlt d'Verspriechen dat ofgeluecht gëtt entgéint. Duerno kritt de CaraPio vun de Chef feierlech säi Badge iwwerreecht.

# VERSPRIECHENSTEXT



**Fir säi perésinlecht Verspriechen ze schreiwe baséiert de CaraPio sech op den offizielle Verspriechenstext vun den LGS an op déi Wäerter déi dëse vermëttelt. Wat bedeit dësen Text a firwat sinn dës Wäerter sou wichteg?**

## de Verspriechenstext

Den offizielle Verspriechenstext vun den LGS ass d'Basis op déi mir eis bezéien:

*Ech verspriechen,*

*Verantwortung vis-à-vis vu mir,*
*menge Matmënschen*
*a menger Ëmwelt ze iwwerhuelen,*

*meng perséinlech Spiritualitéit*
*weider ze entwéckelen*

*a nom Guiden- a Scoutsgesetz*
*ze liewen.*

E referenzéiert sech niewent den dräi Duties och nach op d'Guiden- a Scoutsgesetz.

## Verspriechen allgemeng

Ee Versprieche baséiert op engem Wuert dat ee gëtt an dat entgéint geholl gëtt vun engem anere Mënsch oder engem Grupp.

Mir gi mam Verspriechen iwwert d'Realitéit eraus a projezéieren eis an eng Zukunft déi mir net kennen. Dëst ass wichteg fir dass déi aner sech op eis an op dat Wuert wat mir ginn hunn verloosse kënnen. Domadder schafe mir Vertrauen a kréie fir dës Zouso Respekt entgéint bruecht.

Ee Verspriechen ass keen Eed, et behält een eng gewësse Fräiheet fir dëst Verspriechen opzeléise wann d'Grondviraussetzungen net méi stëmmen oder ee selwer net méi dozou steet.

Bei den LGS schwätze mer am Allgemenge vu *Verspriechen*, well de Jonken an der Entwécklung ass an dem Grupp '*ver-sprécht*' an der Zukunft u sech ze schaffe fir d'Idealer vum Scoutissem ze liewen. De Grupp versprécht sengersäits, hien op sengem Wee ze begleeden.

Mat Momenter, dëst besonnesch an den ieweschte Branchen, ass den Aspekt vum Engagement wichteg. De Jonken ass sech scho méi bewosst, wéi e sech a bestëmmte Situatioune konkret kann engagéieren.

## Verantwortung

Verantwortung iwwerhuelen heescht: sech fir säin Handele rechtfäerdegen ze mussen, sief et vis-à-vis vu sech selwer oder vun aneren.

## Duty to God

*“Ech versprieche meng perséinlech Spiritualitéit weider ze entwéckelen.”*

> ***Duty to God - a person's relationship with the spiritual values of life, the fundamental belief in a force above mankind. - WOSM***

Spiritualitéit ass déi bewosst oder onbewosst Beschäftegung mat der Fro nom Sënn a Wäert vum Liewen, der Welt, dem Mënsch, an der eegener Existenz.

Et geet drëms, sech ëmmer erëm nei vun der Rätselhaftegkeet vun der Welt, der Geheimnishaftegkeet vum Liewen an der Ongewëssheet vun der Zukunft ergräifen an erausfuerderen ze loossen. Dat, wat

mer net ganz an de Gréff kréien, léisst ons dreemen, wënschen a sichen. De reliéise Mënsch entwéckelt vun hei aus seng Relatioun zu Gott.

Mir si fräi eis eege Spiritualitéit ze entwéckelen an eis dobäi u verschiddene Weltuschauungen a Reliounen ze inspiréieren.

Den eenzele Mënsch muss also u sech selwer schaffen, fir den Äntwerten op seng Froen no Sënn a Wäert nozekommen an esou no sengen Idealer liewen ze kënnen. Doduerch entwéckelt hien déi grondleeënd Wäerter vum Scoutismus.

D'Schaffen un der eegener Spiritualitéit, individuell oder am Grupp, hëlleft dem Scout een oppenen a fräie Mënsch ze ginn an ze bleiwen.

## Duty to others

*"Ech versprieche Verantwortung vis-à-vis menge Matmënschen a menger Ëmwelt ze iwwerhuelen"*

***Duty to others – a person's relationship with, and responsibility within, society in the broadest sense of the term: his or her family, local community, country and the world at large, as well as respect for others and for the natural world. - WOSM***

Hei geet et engersäits ëm d'Hëllefsbereetschaft an ëm d'Nächsteléift géigeniwwer vun Aneren. Dëst begrenzt sech net nëmmen op den eenzele Mënsch mee ëmfaasst och kleng Gemeinschaften, sief et lokal oder international.

Anerersäits schwätze mir vun Ëmwelt, wat net nëmmen di Mënsche ronderëm eis mee och d'Natur beschreift.

Mir interesséieren eis fir Problemer déi aner Mënschen an d'Ëmwelt hunn. Vu klengem un kréie mir am Scoutismus de Respekt an de Schutz vun der Ëmwelt vermëttelt. Am Laf vun der Zäit kënnt nach d'Bewosstsinn fir ee nohaltegt Handelen dobäi.

## Duty to self

*"Ech versprieche Verantwortung vis-à-vis vu mir ze iwwerhuelen"*

***Duty to self – a person's responsibility to develop his or her own potential, to the best of that person's ability. - WOSM***

Virun allem geet et am Scoutismus ëm de fräie Mënsch dee säi Liewe selwer matbestëmmt an eng eege Perséinlechkeet entwéckelt.

Dëst geschitt op alle Gebitter: Gesondheet, Entwécklung vum Gewëssen, soziaalt a politescht Engagement, Distanz zu sech selwer, asw. De Jonken entwéckelt sech zu engem Mënsch dee selwer entscheede ka wéi e säi Liewen orientéiert a wat e mat sengem Liewe mëscht.

## Guiden- a Scoutsgesetz

*"Ech verspriechen nom Guiden- a Scoutsgesetz ze liewen."*

D'Guiden- a Scoutsgesetz ass kee Katalog u Verbueter, mee eng Orientéierung. Et bitt ee Kader fir de Jonken, fir ëmmer bereet ze sinn, also geeschteg a kierperlech fit ze sinn; fir aneren nozelauschteren, si z'ënnerstëtzten an hinnen ze hëllefen; fir dat Bescht aus enger Situatioun ze maachen. Et beschreift d'Idealer no deene mir liewe wëllen.

Sech un d'Scoutsgesetz halen ass e Choix. Jidder Jonke lieft et ob seng perséinlech Manéier. Wichteg ass d'Iwwerzeegung, sech ëmmer erëm verbesseren ze kënnen.

# VIRBEREEDUNG V2

**D'Virbereedungsphase op d'Verspriechensfeier dréit staark dozou bäi ob d'Feier geléngt oder net. De Chef iwwerhält eng grouss Roll dobäi. Ma wéi soll dat ganzt oflafen a wéi preparéiert een d'CaraPio op deen Owend?**

## Ziler

Zur Verspriechensfeier gehéiert eng seriéis Virbereedungsphase. D'Zil vun der Virbereedung ass et, d'CaraPio zum Nodenken ze bréngen: iwwert d'Bedeitung vum Verspriechen, iwwert hier Wäerter, iwwert hier Plaz an der Trupp an an der Gesellschaft, iwwert de Sënn vum Liewen ...

Dës Reflexioune sollen hinnen hëllefen hiert perséinlecht Versprieche ze formuléieren, dat si méi spéit wärend der Verspriechensfeier virun der ganzer Trupp ofleeën.

## Oflaaf

Zur Virbereedung gehéieren e puer Etappen:

- Festleeë vum Oflaf
- Gemeinsam Reflexioun
- Perséinlech Reflexioun
- Virbereedung vum Text

De CaraPio muss wësse wat vun him verlaangt gëtt a wéini dass e wat maache muss, sou z.B. wéien Owend um Camp d'Verspriechensfeier ass a wéini dass en Zäit huet fir u sengem Versprietenstext ze schaffen.

Et muss kloer si wien alles säi Versprieche ofleet a wien seng Wandrous wëll maachen. Wann ee perséinlecht Gespréich ufält muss de Kader an d'Zil vun dësem Gespréich erkläert ginn. Schlussendlech muss jiddereen an der Trupp sech senger Roll bei der Virbereedung vu sengem Versprietenstext oder senger Roll wärend der Versprietensfeier bewosst sinn.

## Gemeinsam Reflexioun

An dëser éischter Phase sollen déi nei CaraPio d'Konzept vu Versprieche, Engagement a Wandrous kennéléieren. Dëst ka ganz flott an der Diskussioun mat de CaraPio erkläert ginn, wou déi méi al de neie Member d'Erklärunge ginn an hinnen op hier Froen äntweren. D'Chef mussen dëst natierlech begleeden an eventuell ergänzen.

Ganz besonnesch soll sech wärend dësem gemeinsame Moment iwwert méi grondleeënd Froen ausgetosch ginn. Sou zum Beispill:

- Wat ass ee Versprieche a wat bedeit et iech?
- U wat denkt dir beim Wuert "sech engagéieren"?
- Wat bréngt dat mat sech, wann dir iech am Alldag, bei de Scouten, an der Schoul, vis-à-vis vu Kolleegen, der Famill oder anere Leit engagéiert?
- Firwat bass du an de CaraPio?
- Wat bedeit et säin Versprieche bei de CaraPio ze maachen?

Hei kann och de weidere Verlaf bis zur Versprietensfeier erkläert ginn.

## Perséinlech Reflexioun

Fir déi perséinlech Reflexioun muss de CaraPio genuch Zäit hunn. Dofir ass et z.B. um Camp wichteg dass de Programm dem CaraPio genuch Fräiheet gëtt fir sech zeréck kënnen ze zéien. Hie soll sech der Bedeitung vum Verspriechen bewosst ginn a muss sech iwwerleeëën op wat e bei sengem Engagement wëll agoen.

## Versprieche schreiwen

Säi perséinlecht Versprieche soll de CaraPio selwer schreiwen. Hie soll sech um Verspriechenstext vun den LGS orientéieren a probéieren déi dräi Duties an d'Scoutsgesetz ze behandelen.

Et geet drëms dass de CaraPio sech Gedanke mëscht wéi hien konkret u sech schaffe kann, fir dass en d'Verspriechen ëmsetze kann. Hie soll sech Ziler definéieren, déi hie ka wärend senger Zäit bei de CaraPio erreeche wëll a soll dat och opschreiwen.

Wann de CaraPio net weess wéi e sech soll uleeë kann e sech u folgendem Gerüst inspiréieren:

*Mir ass bewosst ginn dass ech ...*
*(Erkennen)*

*Dofir wëll ech ...*
*(Handlen)*

*A fir dat ze erreechen*
*hunn ech mir virgeholl fir ...*
*(Ëmmsetzen)*

## Perséinlecht Gespréich

Zum Schluss vun hirer Virbereedungsphase sollen, déi déi d'Wandrous maachen, ee perséinlecht Gespréich mat engem oder méi Chef féieren. De Chef an den Zäitpunkt heifir sollen si sech fräi wiele kënnen.


Et ass wichteg dass een sech als Chef Zäit hëlt fir dat Gespréich seriéis ze féieren. Dat Gespréich ass Vertraulech tëschent de Bedeelegten.

Beim Gespréich geet et drëms iwwert dem CaraPio säi Verspriechen a säin Engagement ze schwätzen:

- Wéi schätz du an, dass de dech un däi Versprieche gehalen hues? Hues du dech dofir Engagéiert?
- Wëlls de däi Verspriechen upassen oder erweideren? Firwat? / Firwat net?
- Hues de probéiert alleguerte vun deenen dräi Duties ze berécksiichtegen?
- Bass de der Meenung dass de däin (neit) Verspriechen an Zukunft anhale kanns?
- Wéi gesäis de zeréck op déng Zäit bei de CaraPio?
- Wéi gesäis de deng Zukunft am Veräin?

Et geet hei net drëm dass de CaraPio sech muss rechtfäerdege firwat en säin Text sou geschriwwen huet. Ma e soll nach eng läschte Kéier dozou ugereegt gi fir säin Text ze hannerfroen. Doduerch dass en engem aneren erkläert wat e sech virgeholl huet kann e nach enker évaluéieren ob en un alles geduecht huet.

Et geet net drëms fir perséinlech Saachen ze froen oder gewuer ze ginn. Et soll sech reng op d'Thema Verspriechen konzentréiert ginn. Dobäi iwwerhëlt de Chef eng grouss Verantwortung a muss sech dem Vertrauen dat de CaraPio ëm entgéint bréngt bewosst sinn.



# FROEN AN ÄNTWERTEN



Och fir de Chef ass d'Engagementsfeier oft eng vun de méi schwieregen Aufgaben. Fir en dobäi ze ënnerstëtze wëlle mer hei op e puer Froen zu Verhalen an Oflaaf agoen.

## Ee CaraPio wëll kee Verspriechen ofleeën.

Et ass jidderengem fräi gestallt ob e ee Versprieche wëll ofleeën. Et kënnt ëmmer rëm mol vir dass ee CaraPio sech dofir net bereet spiert oder sech an der aktueller Trupp nach net ganz wuel fillt. Dat ass ganz ok a muss vun den anere CaraPio a vun de Chef respektéiert ginn. All CaraPio soll d'Méiglechkeet hunn säi Verspriechen dann ze maache wann hie prett dofir ass.

## Muss jidderee séng Wandrous maachen?

D'Wandrous ze maachen ass dem CaraPio säi Choix. Net all CaraPio muss d'Wandrous maachen.

## Ee CaraPio wëll säi Verspriechenstext net virdroen.

Den Text deen ee fir säin Versprieche schreift ka ganz perséinlech sinn. Wann ee CaraPio dësen net wëll virdroen, dann ass dat ze respektéieren. Et kann een nofroe firwat dass en dat net wëll an em proposéieren dass e wärend der Verspriechensfeier just den Allgemenge Verspriechenstext virseet an dobäi seet dass e säi perséinlecht Verspriechen fir sech behalen wëll. E kann och nëmmen een Deel vu sengem Text virdroen. Trotzdeem kann hie säi perséinlecht Verspriechen fir sech selwer opschreiwen.

## Um Camp kënnt d'Stëmmung fir d'Verspriechen net richteg op.

Wann de Kader fir d'Verspriechen net geschaaft ka ginn, z.B. well d'Stëmmung um Camp net déi richteg ass, dann ass et net schlëmm wann een et entweder op een aneren Owend verréckelt oder et komplett op ee spéideren Zäitpunkt verleet. Wichteg ass just dass een dru bleift an et dann och spéider nohëlt.

## Mir maachen eis Verspriechensfeier ganz anescht wéi hei beschriwwen.

D'LGS gi keng konkret Form fir den Oflaf vir. All Trupp huet seng eegen Traditiounen a seng eege Gewunnechten. Dës Annexe sollen dem Chef just als Ënnerstëtzung déngen, him d'Konzept hannert dem Verspriechen, dem Engagement and er Wandrous erklären an em eventuell nei Iddië ginn.

## An eiser Chefekipp spiert sech kee bereet ee perséinlecht Gespréich ze féieren.

Ee perséinlecht Gespréich féieren ass net ëmmer einfach a läit och net jidderengem. Och de Chef muss de Choix hunn ob hien sech dofir bereet spiert. Wéi eng Chef bereet sinn fir ee perséinlecht Gespréich ze féiere muss de CaraPio am viraus matgedeelt ginn. Sollt kee sech bereet sprieren, sou ass et nët schlëmm dësen Deel weg ze loossen.

Sos nach Froen?
Schreif eis a mir probéieren dëst Dokument ze ergänzen!

**All Trupp huet séng eegen Traditioune fir d'Verspriechen ze organiséieren. Hei eng Partie Iddien an Denkustéiss fir déng eege Feier!**

## Morgenrunde

Déi Deeg virun der Verspriechensfeier kann ee gutt notze fir de CaraPio all Moien eppes Klenges virzedroen iwwert dat si sech solle Gedanke maachen. Sief dëst een Text, ee Lidd oder ee Video. Sou kann een si einfach op verschidde Saachen opmierksam maachen oder op d'Thema vun der Veillée virbereeden.

## Wuecht

Bei de RaRo gëtt d'Versprieche gär a Form vun enger Wuecht organiséiert. Dëst Konzept kann och ganz flott bei de CaraPio als Intro zur Verspriechens-feier genotzt ginn. Kuerz: ee Parcours mat Posten (besat oder onbesat), deen d'CaraPio eleng musse goen. Op all Poste sollen se een Denkustouss kréien oder ee klengt Spill zum Thema vun der Veillée maachen.

## Text versigelen

Als Erënnerung u säi Verspriechen soll de CaraPio dëst opschreiwen. Als Ofschloss vun der Verspriechensfeier kënnen d'CaraPio hiren Text an eng Enveloppe paken a mat Sigelwuess zoumaachen. D'Chef kënnen dës dann asammelen a jidderee kritt seng Enveloppe dee Moment zeréck wou en sech entweder dofir entscheet d'Wandrous ze maachen oder wann en aus der Branche rausgeet.

**Wéi maacht dir et an der Trupp? Schreif eis!**

Hues du nach Froen?

Oder hues du Iddie fir dëst Dokument ze verbesseren?

## Fuer duer!

carapio@lgs.lu

**Un dësem Dokument hu matgeschafft:**

Laurent Pott, CaraPio Ekipp (2021 - 2023),
Pol Weydert, CaraPio Ekipp (2021 - 2023),
Jean-Joël Weiler, CaraPio Ekipp (2021 - 2023),
Julie Van Mulders, CaraPio Ekipp, Safe from Harm (2021 - 2023),
Sophie Weber, CaraPio Ekipp (2021 -2023),
Aurélie Dell, CaraPio Ekipp (2021 - 2023),
Robi Bourscheid, CaraPio Ekipp (2022 - 2023),
Alex Carneiro, Safe from Harm (2022)

Lëtzebuerger
Guiden a Scouten